N°1319
Entrée le 12.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1319 vum 9. Oktober 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här André Bauler an Här Gilles Baum.**

- *Stëmmt et, datt eng Rei Dokteren an der Weeltzer Klinik, déi an d'Pensioun ginn, net méi ersat ginn? Huet d'Zuel vun de Spezialisten um Site Wooltz ofgeholl? Wa jo, soll se nach weider reduzéiert ginn?*

Effektiv ass um Site Woltz een Dokter an d'Pensioun gaangen. Am Kader vun der Policlinique non programmée um Site Woltz bleiwen souwuel Urgentisten an Interniste vun 8 bis 18h verfügbar. Doniewent si Spezialiste reegelméisseg a bei Bedarf disponibel fir souwuel ambulatoresch wéi stationär Patiente bei Bedarf ze suivéieren. An der Nuecht sinn souwuel een Internist an ee Geriater an der Astreinte zeréckruffbar.

- *Wéi huet sech d'Zuel vun de systemateschen Analysen – Ultraschall, EKG a Röntgen – an der Poliklinik zu Wooltz an zu Ettelbréck entwéckelt? Gëtt reegelméisseg gepréift, ob all déi Analysen noutwendeg sinn?*

Fir radiologesch Ënnersichungen, déi ioniséierend Stralung benotzen, hunn d'Radiologen eng gesetzlech Verpflichtung, all Indikatiounen ze begrënnen.

ECG an Ultraschall Ennersichunge gehéieren zu der Standard Ennersichung vum Dokter. Radiologesch Ennersichunge gi vum Radiolog op Basis vun den Indikatioune vun der Ordonnance validéiert. Follgend Aktivitéits Donnéeë goufen eis vum CHdN matgedeelt:

| Actes radiologiques demandés depuis la policlinique | 2024 | 2023 | 2022 |
|---|---|---|---|
| Ettelbruck | 25627 | 31731 | 30879 |
| Wiltz | 5302 | 6775 | 6119 |

- *Wéi gesäit d'Zukunft vun der Weeltzer Klinik aus? Wat gëtt ënnerholl fir de Standuert Wooltz vum Centre hospitalier du Nord (ChdN) nees méi attraktiv ze maachen an domat de Standuert Ettelbréck z'entlaaschten an de Leit wäit Deplacementer z'erspueren?*

Déi net programméiert Aktivitéit an der Poliklinik zu Woltz bleift bestoen an d'Aktivitéit vun der ambulanter Chirurgie gëtt weider ausgebaut an der Urologie an der Chirurgie vasculaire souwuel an den aktuelle Gebailechkeete vun der Weeltzer Klinik wéi och duerno iwwerdroen an den zukünftege Projet „Schlasskéier". De service d'Imagerie médicale huet en IRM bäikritt, an den Osteodensitométrie-Apparat kënnt och op Woltz. Weider besti Projete fir eng gerontopsychiatresch Statioun an och eng Dagesklinik an der Jugendpsychiatrie.

Deemno besteet d'Aktivitéit zu Woltz an enger internistesch-chirurgescher ambulanter Versuergung, mat Dageschirurgie. Doniewend wäert eng Spezialiséierung an der Altersgesondheet (geriatresch Reedukatioun a gerontopsychiatrie) zu Woltz virgehale ginn an eng jugendpsychiatresch dagesklinesch Offer wäert dobäikommen.

- *Wat gedenkt d'Madamm Ministesch ze ënnerhuele fir d'Poliklinik zu Ettelbréck ze entlaaschten? Kéint dat net duerch eng Permanence vun den Hausdoktere gemaach gi fir ze vermeiden, datt déi krank Leit weider an d'Poliklinik oder an d'Maison médicale fuere mussen, fir dann do ënner Ëmstänn stonnelaang ze waarden?*

Ewéi am "Accord de coalition" festgehalen, stellen d'Dokteschpraxen d'Basis vun enger medizinescher Versuergung duer. D'Regierung ënnerstëtzt Moossnamen, fir d'Nidderloossung vu Generalisten a Spezialisten an Dokteschpraxen méi attraktiv ze maachen. Dës Reflexioun ëmfaasst och d'Froen iwwer d'Erweiderung vu Permanencen, déi vun de Generaliste geleescht ginn.

*Kéint d'Madamm Ministesch sech fir d'Aféierung vun enger „Tournante" vun de lokalen Hausdokteren (z.B. Clierf a Wooltz; Ëlwen an Housen; Réiden a Groussbus an Heischent) an den Owesstonnen asetzen, dëst fir d'Maison médicale z'entlaaschten an de Leit aus dem Éislek entgéint ze kommen?"*

Diskussiounen mat den Akteure sinn amgaangen fir d'Qualitéit an d'Zougänglechkeet vun de medizinesche Servicer am Land ze verbesseren. Dëst betrëfft wéi an der Fro virdrun beschriwwen d'Erweiderung vun den Öffnungszäiten a vun de gemeinsamen Dokteschpraxen (cabinets médicaux). Et muss ee bedenken dass eng Erweiderung vun den Öffnungszäiten ee Méibedarf un Doktore mat sech brengt. Souwuel de Konzept vu Maison médicale an och vu gemeinsame Praxen erlaabt eng Zesummenaarbecht vun den Doktoren fir eng ausgeglache Léisung ze fannen déi souwuel d'Patiente wéi och d'Doktere berécksiichtegen.

Lëtzebuerg, den 12. November 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez